N°3239
Entrée le 13.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch, an dem Herr Lex DELLES, Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, op d'parlamentaresch Fro n° 3239 vum 25. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.

1. Sinn d'Ministeren iwwer d'Decisioun vu GrapheneOS an déi domat verbonnen Onsécherheeten am europäeschen Tech-Secteur informéiert?

Déi zoustänneg Autoritéiten analyséiere reegelméisseg strategesch Beweegunge vun Tech-Acteuren an d'Debatten, déi dozou féieren. Dës Elementer ginn an den interministeriellen Aarbechten zur digitaler Transformatioun an technologescher Souveränitéit berécksichtegt.

2. Wéi bewäerten d'Ministeren de Risiko, datt eng Politik, déi de Gebrauch vu staarker Verschlësselung a Fro stellt oder kriminaliséiert, d'Kompetitivitéit vum lëtzebuergeschen an europäeschen Digitalstanduert schiedegt?

D'Regierung gesäit déi digital Vertrauenswierdegkeet a Sécherheet als wichteg Piliere fir d'Attraktivitéit vum Land. All europäesch Regulatiounsentwécklung gëtt suergfälteg evaluéiert, fir e Gläichgewiicht tëschent Biergerschutz, ëffentlecher Sécherheet an ekonomescher Kompetitivitéit ze garantéieren.

3. Kënnen d'Ministere garantéieren, datt Lëtzebuerg keng Gesetzesinitiativen ënnerstëtzt oder plangt, déi Entwéckler vun Open-Source-Software oder verschlësselte Kommunikatiounsdéngschter dozou zwénge géifen, Hannerdieren (Backdoors) an hir Systemer anzebauen?

De Lëtzebuerger Rechtskader bleift um Respekt vun de Grondrechter an den europäesche Standarden am Dateschutz orientéiert.

4. Gesäit d'Regierung an der aktueller Situatioun eng Opportunitéit, Lëtzebuerg aktiv als "Safe Harbor" fir Privatsphär-frëndlech Technologien ze promouvéieren, fir Projeten an Entreprisen unzezéien, déi an anere Länner ënner Drock geroden?

D'Regierung ass sech de Stäerkte vum Land am Beräich Cybersécherheet an Dateschutz bewosst. Dës Virdeeler ginn och an Zukunft an nationale Strategien an der Zesummenaarbecht mat wirtschaftlechen Acteuren aktiv valoriséiert, am Aklang mat europäeschen Engagementer.

5. Gëtt et eng Strategie, fir sécherzestellen, datt Lëtzebuerg och an Zukunft e Standuert bleift, wou d'Entwécklung vu sécherer a privater Software (Privacy-by-Design) rechtlech geschützt a gefërdert gëtt?

D’national Digital Strategie setzt op Léisungen, déi Privatsphär a Sécherheet respektéieren, nom Prinzip “Privacy by Design”. Dës Approche gëtt weider gefërdert an ausgebaut duerch ëffentlech Politicken a Partnerschafte mam Privatsecteur.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue